N°719
Entrée le 10.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/05/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

De 6te Mee gouf et eng Entrevue tëscht dem Ministère des transports an Info-Handicap. An der Entrevue goung et virun allem ëm Problemer ronderëm de Service vum Adapto, deen an der leschte Joren ëmmer nees wéinst enger Rei vun Dysfonctionnementer massiv an der Kritik stoung. Vun Info-Handicap gouf e Sondage ënnert hire Membere gemaach, fir Informatiounen iwwert verschidden Aspekter vum Adapto ze sammelen.

Ee vun de grousse Problemer ass, dass d'Adresse vum Navigatiounssystem net erkannt ginn. Dës Erfarung hu 40,61% vun den 197 Persounen, déi un dëser Ëmfro deelgeholl hunn, scho misste maachen.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann d'Ministesch erklären, wéi et méiglech ass, dass et zu souville Fäll komme konnt, wou de Navigatiounssystem d'Adress net kannt huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°719
Entrée le 06.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 719 vum 10. Mee 2024 vun den honorablen Här Deputéierten Marc Goergen a Ben Polidori betreffend dem Navigatiounssystem vun de Chauffeuren vum Service Adapto

Déi honorabel Deputéierte beruffen sech op d'Resultat vun enger Ëmfro wou 40,61% vun den 197 Persounen déi un dëser Ëmfro deelgeholl hunn, schonn emol e Problem mat enger Adress am Navigatiounssystem haten.

Di konkret Fro no der Erklärung, "*wéi et méiglech ass, dass et zu souville Fäll komme konnt, wou de Navigatiounssystem d'Adress net kannt huet?"* kann ech esou beäntwerten:

Den Navigatiounssystem baséiert op den Donnéeë vu Google Maps, déi reegelméisseg aktualiséiert an optiméiert ginn. Op d'Zouverlässegkeet vun deenen Donnéeën huet d'Verwaltung fir den ëffentlechen Transport (ATP) just limitéierten Afloss.

Bei enger Reservatioun vun enger Faart kann een, wann een d'Adress op eng aner Manéier wëll uginn, de Pin präzis op déi gewënschte Plaz op der Kaart setzen. Esou gëtt d'Chauffeuse oder de Chauffeur op déi richteg Plaz geleet. Beim Reservéieren iwwer Telefon am Call Center gëtt dëst och gréisstendeels applizéiert, fir all méiglech Konfusioun ze verhënneren.

Zousätzlech besteet bei all Reservatioun d'Méiglechkeet, eng Notiz oder Umierkung fir d'Chauffeuse oder de Chauffeur ze hannerloosse mat eventuell präzisen Informatiounen zur Adress. Wann d'Chauffeuse oder de Chauffeur um Wee ass fir déi nächst Persoun sichen ze fueren, kritt si oder hien dës Informatiounen ugewisen a kann se berécksiichtegen.

Iwwregens huet d'ATP an der Periode tëschent Juli 2023 an Dezember 2023 61 schréftlech Reklamatiounen zum Adapto traitéiert, dovunner hunn der 3 d'Adress betraff, dëst op ronn 90 000 Faarten.

Lëtzebuerg, den 6. Juni 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes